N°2103
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Situatioun um Wunnengsmaart huet sech an deene leschte Joren immens geännert. Zënter der Invasioun vun der Ukrain, der uschléissender Inflatioun an der Erhéijung vun de Bankzënsen hunn sech d'Präisser um Wunnmarché ugepasst. Et gëtt manner verkaf a manner gebaut.

Leider ass d'Situatioun fir Éischtkeefer oder Leit, déi plënnere wëllen, domadder nach ëmmer net besser ginn a vill Leit kënnen sech nach ëmmer keen eegent Heem leeschten. Fir Éischtkeefter sinn déi héich Zënsen an d'Käschte vun de Bankeprêten nach ëmmer ee Problem. Fir Leit, déi plënnere wëllen, ass d'Situatioun erschwéiert, well vill Banken sech zënter 2022 weigeren, fir Iwwerbréckungskreditter (crédits ponts) ze maachen.

D'Zuele vun der lëtzebuergescher Zentralbank weisen insgesamt, dass 2024 esou wéineg Immo-Kreditter 2024 vergi goufen ewéi am Joer 2016.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Unzuel vun Iwwerbréckungskreditter zënter 2018 entwéckelt?
2. Wéi huet sech d'Unzuel vun Iwwerbréckungskreditter zënter 2018 entwéckelt, wou de Lëtzebuerger Staat Aktionär ass?
3. Wéi eng Moosnahmen vun der Regierung ziilen dorobber of, dass erëm méi Iwwerbréckungskreditter am Immobilieberäich vun de Banken genehmegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten